LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Fonction publique

Réf. : mfp_832x3b5e5

Dossier suivi par :
FRANCK Nathalie
Tél. : 247-83097

Monsieur le Ministre aux Relations avec le Parlement
Service central de législation

REÇU
Par Alff Christian , 16:15, 04/06/2020

Luxembourg, le 04 JUIN 2020

Objet : Réponse à la question parlementaire n° 2103 de Monsieur le Député Fernand Kartheiser concernant l'emploi dans la fonction publique

Monsieur le Ministre

Par la présente, j'ai l'honneur de vous transmettre ma réponse à la question parlementaire n°2103 relative à l'objet sous rubrique.


Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de ma considération distinguée.

Le Ministre de la Fonction publique


Marc Hansen

**Äntwert vum Här Minister fir d' Fonction publique Marc Hansen op d'parlamentaresch Fro n°2103 vum honorabelen Deputéierte Fernand Kartheiser iwwert d'Entwécklunge vun eisen Administratioune säit 2013**

An der Zäitspan vun 2013 bis 2019 gouf et beim Staat en Zouwuess vu 4.304 Persounen an 3.975 Equivalents Temps Plein (ETP). De folgende Graphique weist déi Evolutioun. Ze notéieren ass, dass dës Zuelen all Kéiers d'Situatioun op den 31. Dezember weisen.




D'Evolutioun vum Personal beim Staat pro Statut ass folgend:



Wann een d'Volontaires de Police a vun der Arméi eraushëlt, hunn Enn 2019 beim Staat ongeféier 63% Fonctionnairen, 27,3% Employéen an 8,4% Salariéë geschafft.

Am selwechten Zäitraum sinn, pro Statut a Joer, folgend Unzuel u Persounen an d'Pensioun gaangen :

| Statut | 2013 | 2014 | 2015 | 2016 | 2017 | 2018 | 2019 |
|---|---|---|---|---|---|---|---|
| Fonctionnaire | 372 | 333 | 331 | 353 | 318 | 388 | 363 |
| Employé | 66 | 99 | 71 | 127 | 128 | 139 | 173 |
| Salarié | 82 | 88 | 98 | 87 | 115 | 67 | 87 |
| TOTAL | 520 | 520 | 500 | 567 | 561 | 594 | 623 |

D'Personalkäschte si beim Staat, an der Zäitspan vun 2013 bis 2019 vun 2,176 mia € op 2,901 mia € gewuess. Dës Käschten englobéieren d'Charges patronales a betreffen d'Salairen an déi regelméisseg Accessoires de Traitement wéi z.B. d'Allocation de famille, d'Allocation de fin d'année oder nach d'Prime d'astreinte.

Wat nei Administratioune betrëfft, muss ee soen, dass net all nei geschafen Administratioun automatesch méi Personal bedeit. Verschidden nei Administratiounen hunn anerer ersat, wéi zum Beispill de CGPO (Centre de gestion du personnel et de l'organisation de l'Etat), deen d'APE (Administration du personnel de l'Etat) ersat huet, oder d'Directions de région de l'enseignement fondamental, déi d'Arrondissements d'inspection ersat hunn. Donieft gëtt et och zum Beispill d'EDIFF, déi a verschidde Centres de compétences opgedeelt ginn ass.

Op Basis vun deenen Informatiounen, déi de CGPO iwwer d'Personal a seng Affektatioun huet, si säit 2013 folgend Administratioune geschaf ginn:

- Institut de formation de l'éducation nationale
- Lycée et école internationale de Mondorf-les-Bains
- Lycée et école internationale Edward Steichen – Clervaux
- Observatoire national de la qualité scolaire
- Service de coordination de la Maison de l'orientation
- Service de médiation au maintien, à l'inclusion et à l'intégration scolaires de l'Éducation nationale
- Zenter fir d'Lëtzebuerger Sprooch
- Agence de transition à la vie active
- Centre pour enfants et jeunes à haut potentiel
- Centre pour le développement des apprentissages Grande-Duchesse Maria Teresa
- Centre pour le développement des compétences relatives à la vue
- Centre pour le développement intellectuel
- Centre pour le développement moteur
- Centre pour le développement socio-émotionnel
- Directions de région de l'enseignement fondamental
- Commissariat du Gouvernement à la protection des données auprès de l'État
- Commissariat du Gouvernement à la qualité, à la fraude et à la sécurité alimentaire

- Centre de gestion du personnel et de l'organisation de l'Etat
- Inspection générale de la Police
- Office national de l'accueil

Mat dem Risque mech an dem honorabelen Deputéierte senge Gedankegäng ze iere wat de Begrëff "Gremien" ugeet, ginn ech mol dovun aus, dass domat all Zort vu Kommissioun, Comité oder Conseil gemengt ass, wéi zum Beispill d'Pensiounskommissioun oder de Conseil de discipline. Wann dat de Fall ass, kann ech dem honorabelen Deputéierte keng Äntwert op seng Fro gi well ech als Minister fir d'Fonction publique keng Lëscht vun deene Gremien hunn.

Generell ass a ganz ville Ministèren an Administratiounen d'Personal verstäerkt ginn. Dëst muss een natierlech och a Relatioun gesi mat der Evolutioun vun der Populatioun, déi tëscht 2013 an 2019 em bal 80.000 Awunner geklommen ass, a vun de Grenzgänger, deenen hir Unzuel och em iwwer 30.000 erop gaang ass.

Et ginn natierlech och eng Rei Haiser déi sech reorganiséiert hunn an doduerch ass et zu personellen Ëmwälzunge komm. E Beispill hei ass de Ministère fir d'Fonction publique an de CGPO wou deen Éischte méi kleng ginn ass wat d'Personal ugeet, well eng Rei vu Persounen wéinst enger Reorganisatioun an de CGPO transferéiert goufen.

De folgenden Tableau beschreift (an absoluten Zuelen) eng Rei vun Entitéiten déi zënter 2013 e gréisseren Zouwuess u Personal haten. Och hei kann dëst bedeiten dass Entitéite fusionéiert hunn, wéi z.B. beim CTIE wou de Centre de communications du Gouvernement (CCG) integréiert gouf.

| Entitéit/Secteur | 2013 | 2019 | Differenz |
|---|---|---|---|
| Enseignants dans l'Enseignement fondamental | 5.529 | 6.145 | 616 |
| Enseignants dans l'Enseignement postprimaire | 5.640 | 6.123 | 483 |
| Police grand-ducale | 1.967 | 2.273 | 306 |
| Administration des Contributions directes | 701 | 884 | 183 |
| Centre des technologies de l'information de l'Etat | 220 | 368 | 148 |
| Administration judiciaire | 666 | 786 | 120 |
| Armée | 449 | 537 | 88 |
| Direction de la Santé | 184 | 246 | 62 |
| Inspection du travail et des mines | 105 | 146 | 41 |

D'Previsioune fir d'Personalentwécklung beim Staat sinn net eleng d'Kompetenz vum Minister fir d'Fonction publique, mee déi vun der ganzer Regierung.